



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Ech stelle fest, datt mer zum Vott vun deser Motioun kënnen kommen an datt de Vote électronique gefrot ass.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Motioun ass bei 8 Jo-Stëmme géint 52 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Paul Galles), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

4. 7439 - Projet de loi modifiant la loi du 10 février 2015 relative à l'organisation du marché de produits pétroliers

Den nächsten a leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7439 iwwert d'Organisation vum Marché vun de Pétrolsprodukter. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Max Hahn, den Här Georges Engel, den Här Fernand Kartheiser an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

► **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Här President, Här Minister, Kolleginnen a Kollegen, am Projet de loi 7439 geet et drëms, d'Gesetz vum 10. Februar 2015 iwwert d'Organisation vum Marché vun de Pétrolsprodukter ofzeänneren. Dat Gesetz ass eng Transposition vun der europäescher Direktiv 2009/119/CE vum 14. September 2009.

An éischer Linn obligéiert d'Direktiv d'Memberstate vun der EU, ee minimale Stopp u Reserven vu Pétrol brut an/oder Pétrolsprodukter wéi Bensinn, Diesel oder Masutt ze garantéieren. Generell war et d'Zil vun der Direktiv, derfir ze suergen, dass et an de Memberstaten eng gewësse Versuergungssécherheet gëtt an et net direkt zu enger Penurie am Pétrol kënnt, och

wann zum Beispill e puer Deeg keng nei Pétrolslivverungen ukommen. Dofir huet d'Direktiv fiabel an transparent Mechanismen opgestallt, déi op der Solidaritéit tëschent de Memberstate baséieren.

Zu Lëtzebuerg spezifesch musse Pétrolsimpotatoure laut dem Gesetz vum 2015 ee Stock u Pétrol garantéieren, deen 93 Deeg vum duerchschnëttlechen deeglechen Nettoimport entsprécht. Dovunner gëtt een Deel hei zu Lëtzebuerg gelagert an ee weidere méi groussen Deel um regionalen Niveau.

Zréck elo bei d'Direktiv vum 2009. Eng Halbzertbewäertung, also eng Evaluatioun vun deser Direktiv huet festgestallt, dass Ännerunge musse gemaach ginn. Dës Modifikatiounen sinn an der Directive d'exécution 2018/1581 festgehalen an déi sollen elo mat deem Projet de loi transposéiert ginn.

D'Hauptännerunge sinn déi folgend:

All Joer gëtt eng nei Berechnung gemaach, wéi vill Sécherheetsreserve mussen ugeluecht ginn. Déi Berechnung gëtt op Basis vun den Importer vum Joer virdru gemaach. D'Applikatioun vun der neier Lagerungsverpflichtung fir d'Joer gëtt dräi Méint no hanner geréckelt - vum 1. Abrëll op den 1. Juli. D'Verlängerung vum Delai soll et de Memberlänner erlaben, genuch Zäit ze hunn, fir déi noutwendeg Prozeduren an d'Wee ze leeden an déi obligatoresch Stocken opzebauen.

Zweetens, d'Direktiv vum 2009 an och d'Gesetz vum 2015 hu sech op verschiddene Plazen op een europäescht Reglement 1099/2008 zu Energiestatistike referéiert. Dëst Reglement gouf e puermol geännert an dofir gëllt et elo, eng Mise à jour vun de Referenzen ze maachen.

Drëttens, ënnert dem Regime vum de Quantitéite vun der Direktiv vum 2009 huet ee Land misse verschidde Stocken uleeën, wann de Faktor Rendement Naphta iwwer oder ënner 7 % louch. Dat ass esou, well eng aner Berechnungsmethod benotzt gouf, fir de Sécherheetsstock feststellen, wann de Faktor Rendement Naphta ënner 7 % war oder wann en iwwer 7 % war. Am Prakteschen huet dat bedeit, dass déi Länner, déi ee Joer ee Faktor Naphta haten, deen iwwer 7 % louch, zum Beispill 7,1 %, wesentlech méi Stocken hu missen uleeën, wéi wa se ënner 7 % louchen, zum Beispill bei 6,9 %.

Fir dës enorm Fluktuatioun ze verhënneren, suppriméiert d'Directive d'exécution dësen Niveau vu 7 %. An dat soll elo och transposéiert ginn.

Zur Informatioun: Dës Ännerung huet keng Inzidenz op Lëtzebuerg, well de Faktor Rendement Naphta nëmmen déi Länner betrëfft, déi eng Raffinerie-Industrie oder petrocheemesch Industrie hunn.

Da ginn och nach e puer Erreurs matériels am Gesetzestext vum 2015 behewen.

De Conseil d'État huet keng Opposition formelle formuléiert, mee huet gefrot, fir ee Paragraph ze sträichen, well sech hei d'europäescht Dateschutzreglement 2016/679 direkt applizéiert an dofir d'Dispositioun, déi nach op eist aalt lëtzebuergesch Gesetz verweist, hifälleg ass.

De Projet de loi ass den 2. Mee 2019 deposéiert ginn. De Statsrot huet den 12. Juli 2019 säi favorabelen Avis dozou ofgi mat senger Suggestiounen. An der Sitzung vum 16. Oktober 2019 huet d'Kommissioun dann de Rapport zum Projet, deen elo hei virläit, ugehall.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Back. Als éischer Riedner ass den honorabelen Här Paul Galles agedroen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Paul Galles** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem honorabelen Deputéierte Carlo Back villmools Merci fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport.

An der Direktiv 2009/119/CE huet d'EU d'Memberstaten obligéiert, fir just ee Minimum u Pétrol an u Produits pétroliers ze stockéieren. Gläichzäiteg sollen awer och Penurië kënnen verhënnert ginn. Dat ass also dee gëllene Mëtzelwee, dee mer bei deem Gesetzesprojet hei sichen.

Et ass selbstverständlech, dass d'Versuergung an d'Lagerung vum Pétrol hei am Land an an der EU héije Sécherheetstandards muss gerecht ginn an duerch transparent a fiabel Mechanismen an muss passéieren. Dës Mechanisme begrësse mer och haut natierlech weiderhin.

D'EU-Kommissioun huet an Tëschenzäit eng Evaluatioun vun der Ëmsetzung vun deser Direktiv, déi hei zu Lëtzebuerg mam Gesetz vum 10. Februar 2015 ëmgesat ginn ass, gemaach. An elo geet et also drëms, fir Léieren doraus ze zéien, wéi een dat esou mécht. Beispillsweis si Referenzen op verschidden Dispositiounen an der Direktiv obsolet ginn an et war néideg, an deem Kontext d'Adaptatiounen ze maachen. Et sinn also sougenannten « erreurs matérielles » erausgeholl ginn, wéi de Carlo Back dat och schonn erkläert huet.

Bis dato sinn ëmmer zwou Formulle fir de Calcul vun de Quantitéiten un Naphta ugewant ginn. D'Konsequenz dovunner ware Fluktuatiounen an Obligations de stockage fir verschidde Memberstaten - net fir Lëtzebuerg -, déi grouss finanziell Konsequenze konnte mat sech brénge fir déi betraffe Memberstaten. Elo gëtt de Seuil vu 7 % geännert an d'Optiounen si fir all d'Memberstate genau d'selwecht.

Weiderhi kréien d'Memberstaten duerch d'Ännerung vum järelechen Delai och méi Zäit, fir hir järelech Prozeduren ze finaliséieren, wat eng gutt Saach ass. Genau dat soll dann och mat der Transposition vun der Directive d'exécution geschéien, an dat begrësse mir als CSV-Fraktioun natierlech an och ausdrécklech. Et ass eis wichteg, hei an deem Beräich kloer Reegelen ze hunn, déi fir jiddweree gläich sinn an och fir all Land applizéiert ginn oder kënnen ginn.

Mir wëllen an deem Kontext awer och nach eng Keier ganz kloer dorop hiweisen, dass et eis wichteg ass, fir insgesamt manner Pétrol ze gebrauchen - wa mer scho beim Thema sinn. Mir musse méi Alternativen dozou fannen an och hei ass et un der Regierung, fir do weider Léisungen ze presentéieren a mat eis iwwert dës Léisungen ze diskutéieren, konstruktiv, well et iwwer en immens interessant a wichtegt Thema fir d'Zukunft geet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schlëssen eis doriwwer eraus dem Avis vum Statsrot un, fir den Artikel 4 Paragraph 5 ze sträichen. Dës gëtt iwwerflësseg, well dës Donnéeën an de Champ d'application vum Reglement vun der EU 2016/679 falen, zu der Propektioun vun de Persounen par rapport zum Traitement vun hiren Donnéeën.

Voilà ! Vill Zuelen, e puer Gedanken a vun eiser Säit eng kloer Ënnerstëtzung.

Ech soen lech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet!

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Galles. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President. Well de Rapporteur esou komplett war, kann ech hei op der Plaz bleiwen a mir bleibt just nach, den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ze ginn an awer och dem Rapporteur Merci ze soe fir seng zwee Rapporten, souwuel dee mëndleche wéi dee schrëftlechen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Hahn. An dann ass et um honorabelen Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Jo, Merci, Här President. Bei mir ass et ganz äänlech wéi beim Här Hahn. De Rapporteur, dee war ganz komplett. Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. An och vun der LSAP kënnen mer den Accord ginn.

Just nach vläicht een Zousaz: Déi 7 %-Reegelung, déi jo dann hei an deem Projet de loi

ofgeschaaft gëtt, betrëfft eis als Lëtzebuenger jo manner, well mir keng eege Raffinerien hunn a keng eege petrocheemesch Industrien hunn, soudass déi aner zwee Punkten, déi eigentlech éischer technescher Natur sinn, fir eis och ganz an der Rei sinn. An duerfir gi mir och den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President, villmools Merci. Déi zwee Rapporten, den Här Back an den Här Galles, hunn hir Saach fantastesch gemaach, soudatt alles erkläert ass.

(Brouhaha)

Mee, mir hunn awer eng Fro. Ech mengen, mir sinn net ganz rassuréiert an deem Dossier, well mir wëssen, datt mer hei zu Lëtzebuerg fir aacht Deeg Reserven hunn. Dat ass net vill. Mir hunn nach Reserven am Ëmkrees vun 230 Kilometer. An d'Fro, déi sech einfach stellt, ass: Wat geschitt, wann zum Beispill am Fall vun engem Streik, am Fall vun engem méi laangen a méi strenge Wanter, einfach déi Reserven net méi accessibel sinn? Mir haten déi Situatioun virun e puer Joer, wou mer bal um Punkt ware vun der Rupture, fir kënnen d'Approvisionnementen hei am Land nach ze garantéieren.

An d'Fro stellt sech einfach, ob d'Regierung hirer Verantwortung nokënn, d'Versuergungssécherheet vum Land an engem Mooss ze garantéieren, wat vläicht iwwert déi aacht Deeg erausgeet, a sech einfach net drop verléisst, datt déi Firmen, déi heimadder befaasst sinn, wierklech déi Reserve kënnen erbäischafen. Zumools am Fall vun enger Kris wäre jo wahrscheinlech nach aner Staten oder aner Entitéiten interesséiert, fir en Zougrëff op déi Reserven ze hunn!

Mir denken also, datt d'Regierung eis soll erklären: Wat geschitt dann, wa mer wierklech eng Keier an enger Situatioun sinn, wou Versuergungsschwierigkeete kënnen opdauchen? Mir hate jo och de Fall am Wanter, wou den Niveau vun der Musel op eemol esou déif war oder esou wéineg konnt acheminéiert ginn, datt wierklech e Problem do war.

D'Regierung probéiert ze argumentéieren, fir d'Leit ze berouegen. Bon, mir brauche jo och an Zukunft manner; mir hunn d'Elektromobilitéit. Mee d'Realitéit ass eng ganz aner. Mir hunn e grouse Bevölkerungswuesstum, mir hunn ëmmer méi Autoen, Bensinn an Diesel an Notzvehicullen, déi zougelooss ginn. An d'Elektromobilitéit, dat ass e ganz, ganz kleng Prozentsatz vun den zougeloossene Vehikelen hei am Land.

Mir kënnen net soen, well mer d'Elektromobilitéit hunn - an dat wäert nach fir laang, laang Joren esou sinn, wann et sech jeemools sollt substanzéiell änneren -, datt mer net genuch Reserve kënnen hu fir Bensinn, Diesel oder aner Pétrolsprodukten.

Do stellt sech also eng Fro an do muss d'Regierung an hirer Verantwortung dem Land soen: Wat mécht si fir d'Versuergungssécherheet vum Land ze garantéieren?

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Also mir ginn och eis Zoustëmmung fir de Projet. Mir hätten eis awer natierlech gefreet, wa mer haut géifen driwwer diskutéieren, wéi mer d'Reserve fir de Pétrol kënnen ofbauen, Joer pro Joer manner. Anstatt dass mer elo nach higinn a mir ginn do e bëssen drun dokteren, hätte mer eis gefreet, wann elo haut eng kleng Exitstrategie komm wär, wéi mer den Tanktourismus iwwert d'Pétrolsreserve kéinten ofbauen. Dann hätte mer eis vill méi driwwer gefreet. Mee mir stëmmen awer och dës Projet scho mat.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. An elo huet d'Regierung d'Wuert, den Energieminister Claude Turmes.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie*.- Ech wëll fir d'Éischt hei dem Rapporteur, dem honorabelen Här Back, Merci soe fir säi Rapport. Hei geet et, an ech mengen, dat ass erkläert ginn, largement ëm technesch Ännerungen.



Ech sinn dann och frou, dass d'CSV dat, mengen ech, an der Kommissioun positiv be- gleet huet. Merci och, Här Galles, dass d'CSV där Meenung ass, dass mer an Zukunft solle manner Pétrol verbrauchen. Wat jo dann inte- ressant ass: An deem technesche Grupp, wou mer d'Piraten an d'ADR hunn, do schéngt et zimlech divergent Meenungen ze ginn. Ech mengen, Dir wëllt, dass mer schnell eraus aus dem Pétrol ... Ech mengen, mir sinn do éischter op enger Säit. Den Här Kartheiser mengt, et géif nach Jorzéngten daueren, bis d'Elektromobilitéit kënnt.

Ech kann lech just soen, e Méindeg an en Dënsdeg hat ech zesumme mam François Bausch eng Konferenz organiséiert, wou mer Däitschland, Frankräich, Benelux, Schwäiz an Eisträich zesummegeruff haten, och um Niveau vun de Regierungen a vun Experten, fir ze ku- cken: Wou geet den Autossystem hin oder de Verkéierssystem? An et besteet e ganz grouse Konsens, dass dee System ganz schnell a ganz staark a Richtung Elektromobilitéit geet.

Et gesäit esou aus, dass mer 2025 schonn a Westeuropa iergendeppes wéi 5 Milliounen Elektroautoe wäerten op der Strooss hunn. Ech hoffen, dass der bis dohinner och eng ganz Rei hei zu Lëtzebuerg sinn. An dat ass och dat, wat mer amgaange sinn, an enger Etüd ze kucken. Mir hunn Tanklager, déi funktionéiere gutt. Och bei där leschter Kris, déi mer eng Kéier haten elo, wéi e bësse Gilet-jaunë waren an der Belsch, huet de System gutt funktionéiert.

Eise System ass esou, dass privat Operateuren, déi Pétrol verkafen, och d'Responsabilitéit hunn, fir dat mat ze organiséieren. Ech hu mer déi Rapporten ugekuckt. Dat ass eigentlech alles zimlech op stabele Féiss. An dat, wat mer elo an deem Bericht kucken, ass eben, wann d'Mobilitéit esou staark an d'Elektromobilitéit geet, wéi dat awer elo ausgesäit, ob mer dann nach e Besoin hätten, fir nei Tanklageren ze bauen.

Ech fannen, hei si mer an engem Beräich, deem extrem seriö ze huelen ass. An dofir wëll ech och elo net aus der Héft schéissen, mee eeben ofwaarden, bis déi Etüd fäerdegemaach ass.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci vill- mools dem Energieminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7439. Den Text steet am Docu- ment parlementaire 7439².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7439 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséin- lech Stëmmen. Duerno de Vote par pro- curation. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Dëse Projet ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëm- men ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Paul Galles), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank

Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue (par Mme Josée Lorsché) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. Dépôt d'une motion par M. Marc Goergen

Dann huet nach den Här Goergen d'Wuert ge- frot fir den Depot vun enger Motioun.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Elo ganz rezent war Mantelsoonden, wat eis nach eng Kéier drop opmierksam ge- maach huet, dass mer e klenge Problem mat eise Déiereschutzgesetz hunn, an zwar dass e Verkaufsverbuet vun Zuchtpelzer feelt. Mir hunn haut d'Chance, dëst Gesetz vum Déiereschutz ze moderniséieren.

Well et ass jo esou, dass zu Lëtzebuerg zwar d'Produktioun vun deenen Zuchtpelzer verbue- den ass, et ass awer net esou, dass de Verkauf verbueden ass, wat oft onbewosst Leit an den Dilemma bréngt, dass se an de Buttek ginn a mengen, se géifen e syntheetesche Col un enger Jackett oder soss iergendeppes kafen, sech awer herno erausstellt: Dat war e richtegt Déier, dat op enger Pelzfarm iergendzousch op der Welt groussgezu ginn ass, dat meescht- ens a qualvollen Zoustänn. Well et ass jo esou, dass se zwar zu Lëtzebuerg verkaaft ginn, déi Jacketten oder aner Produkter, mee d'Lëtze- buerger Regierung guer keng Méiglechkeet huet, fir ze kucken, wéi do déi Déiere musse leiden, wéi d'Qualitéit ass, wéi déi Produiten iwwerhaapt zustane komm sinn.

Deementspriedend hu mer e Gesetz, dass een et net dierf hei produzéieren, mee et dierf een et verkafen. Dat ass eppes, wat een eigentlech guer kengem dobauss kann erklären, wéi et zu esou enger Diskrepanz zwëschent de Geset- zer kënnt.

Elo ass ganz rezent a Kalifornien e generell Zuchtpelzverbuet ausgeschwat ginn, nodeems dat zu Los Angeles zënter 2018 a Kraaft war an et do mat deem Beispill immens gutt fonction- néiert huet.

Well et ass hautzudaags bekannt: Mir brauche keng Pelzemäntel méi, mir brauchen och kee pelzene Col méi. Dat kann een hautzudaags alles syntheetesch hierstellen, ouni dass en Déier leide muss.

Deementspriedend hu mir haut déi Motioun eragin, fir d'Gesetz nach eng Kéier ze ver- besseren, dass net nëmmen d'Hierstellung zu Lëtzebuerg verbueden ass, mee och de Verkauf vun Zuchtpelz.

Ech soen lech Merci.

Motion

D'Deputéiertechamber,

vu d'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 an notamment säin Artikel 12 Punkt 121, deem d'Zuucht vun Déiere fir d'Pelzproduktioun zu Lëtzebuerg verbitt;

considérant, dass d'Zuucht vun Déiere fir d'Pelz- produktioun schreckleche Konditiounen ënnerläit2 a Lëtzebuerg keng Méiglechkeet huet, iergend- welch Kontrollen op d'Produktiounen aus anere Länner auszeüben;

folglech Lëtzebuerg d'Wuel vum Déier an anere Länner net garantéiere kann;

considérant, dass den US-Bundesstat Kalifornien rezent ee Gesetz gestëmmt huet, dat d'Pro- duktioun an doriwwer eraus de Verkauf vu Pelzpro- duite verbitt;

mam Zil, eng kohärent Déiereschutzpolitik ze be- dreiwien a Lëtzebuerg domadder zu engem Virrei- der am Déiereschutz ze maachen,

fuerdert d'Regierung op,

- de Verkauf vu Pelzer nach an dëser Legislatur- period ze verbidden.

(s.) Marc Goergen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci vill- mools, Här Goergen. Ech mengen, dat doten ass eng Problematik, déi schonn d'lescht Legis- laturperiod am Kader vun enger Petitioun dis- kutéiert ginn ass.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- Jo, en Debat an der Chamber.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Do sinn zwee verschidde Ministère concernéiert: enger- säits de Landwirtschaftsminister, wat d'Zuucht vum Pelz ubelaangt, anerersäits den Ekono- miesminister, wat de Verkauf vum Pelz ube- laangt. Duerfir géif ech proposéieren, datt mer an der November-Chamberswoch déi dote Pe- titioun diskutéiere géifen, wann déi zwee concernéiert ...

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- Eng Motioun, keng Petitioun! Et war deemools eng Petitioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- ... Ministe- ren dobäi wieren, well mer jo gemierkt hu bei der Diskussioun vun der Petitioun hei an der Pleniëre - wat eng éffentlech Petitioun war -, datt déi ganz Problematik net esou einfach ass. Wa mer wëlles hunn, eppes fir den Déiere- schutz ze maachen, géif ech proposéieren, dee Wee ze goen. À moins datt d'Chamber anerer Meenung ass.

Den Här Goergen.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- Do waart Dir Landwirtschaftsminister.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Also, Här President, mir si mat Ärer Propos averstanen, dass mer dat am Breen diskutéieren. Mir sinn och elo eréischt ee Joer am Parlament, deems- priedend ware mer net bei den Diskus- siounen deemools ronderëm déi Petitioun der- bäi. Dofir si mer och dann averstanen, fir ...

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dir hutt se be- stëmmt verfollegt.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Dofir wëlle mer et jo dann och ...

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Wësst Der, mir verfolge vill Déiereschutztheemen. Dofir si mer jo och heiansdo rosen. Dir hutt elo gesot - wéini war et? - 2016, ëm deem Dréi. Dat heescht, et ass elo schonn erëm dräi Joer hier an et ass awer näischt am Déiereschutz ge- schitt. Dofir si mer da rosen an dofir brénge mer déi Motioun.

(Brouhaha)

Deementspriedend ...

(Interruptions)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Goergen, et war net 2016 an ech hunn dat och net gesot.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Wien huet d'Wuert? Fro eng Kéier: Wien huet d'Wuert?

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Mir wäer- ten dat da mam Accord vun der Chamber an där nächster Chamberswoch diskutéieren.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Wien huet dann d'Wuert gehat?

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Mir sinn d'accord, fir et an der nächster ...

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Mir sinn um Enn vun dëser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzungen ...

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Här President, ech war jo nach net fäerdeg.

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ah!

► **Une voix.**- Der hutt scho vill ze vill gesot!

(Hilarité)

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ma, Här Pre- sident, déi do iwwer hu mech ënnerbrach. Ech wollt lech eigentlech soen, ...

(Brouhaha)

... dass mer ...

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Goergen, da macht lech fäerdeg!

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ma neen, Här President! Also, Här President, ech hätt hei nach eng Minutt an eppes. Also vun dohier ...

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Goer- gen, macht lech fäerdeg!

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Här Pre- sident, Dir musst jo awer och fir Uerdnung suergen, wann déi do iwwer blären. Also wannechgelift!

Ech wollt lech ganz kloer soen: Mir sinn aver- stanen, en vue fir eppes kënne fir den Déiere- schutz ze maachen, dat op déi nächst Pleniëre ze verleeën.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci vill- mools, Här Goergen.

Da si mer definitiv um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 19., 20. an 21. November virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 15.57 heures.)

Le saviez-VOUS ?

PÉTITION PUBLIQUE

La pétition publique ne peut être introduite et signée que par le formulaire spécial disponible sur le site Internet de la Chambre des Députés ou par un formulaire sur papier mis à disposition par les services de la Chambre. Elle doit être d'intérêt général et d'intérêt national et respecter les principes d'éthique. Un sujet similaire à celui d'une pétition précédente ne peut être introduit qu'après un délai d'une année.

Pour introduire et aussi pour signer une pétition publique, il faut être âgé d'au moins 15 ans et être inscrit dans le registre national des personnes physiques, disposer donc d'un numéro de matricule. La Commission des Pétitions examine la pétition et émet un avis au sujet de la recevabilité. La Conférence des Présidents décide de sa recevabilité.

Si une pétition électronique atteint ou dépasse le seuil des 4.500 signatures, un débat public est organisé au sein de la Commission des Pétitions et de la commission compétente pour le sujet en question. La réunion est transmise en direct par la chaîne télévisée de la Chambre.

Les pétitions publiques n'ayant pas atteint le seuil des 4.500 signatures peuvent être, sur demande du pétitionnaire, converties en pétition ordinaire.